PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Wunnéngsbau weiderzeleeden.

Am Kontext vun der aktueller Coronakris sinn d'Sécherheets- an Hygiènesmesuren op de Chantieren adaptéiert ginn, op deenen zanter dëser Woch nees dierf geschafft ginn.

An der Presse ass aktuell ze liesen, datt et Baufirme ginn, déi hire Clienten Avenanten zoukomme gelooss hunn, an deene sie opgefuerdert ginn d'Méikäschten, déi duerch déi zousätzlech Sécherheets- an Hygiènesmesuren entstane sinn, ze decken. De Client misst deemno mat 4 bis 5 Prozent zousätzleche Käschten um Gesamtmontant rechnen. D'Union luxembourgeoise des consommateurs (ULC) réit iwwerdeems ausdrécklech dozou, dës Avenanten net ze ënnerschreiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Mat wéi vill Méikäschte fir d'Entreprisen ass duerch déi zousätzlech Sécherheets- an Hygiènesmesuren ze rechnen ?
2. Ass d'Regierung der Opfaassung, datt de Client muss Méikäschten, déi duerch déi zousätzlech Sécherheets- an Hygiènesmesuren ufalen iwwerhuelen ?
3. Ass d'Regierung der Opfaassung, datt d'Entrepreneuren an d'Handwierksbetriber mussen d'Méikäschten, déi duerch déi zousätzlech Sécherheets- an Hygiènesmesuren entstinn iwwerhuelen ?
4. Gesäit d'Regierung fir, den Entreprisen an de Bauhären dës zousätzlech Käschten ofzehuelen ?
5. Wat geschitt, wann de Client net bereet ass esou een Avenant ze ënnerschreiwen? Huet dëst een direkten Afloss op d'Fäerdegstelle vum entaméierte Bauprojet?
6. Rechent d'Regierung domat, datt déi aktuell Méikäschten, déi duerch déi zousätzlech Sécherheets- an Hygiènesmesuren entstinn, sech an der Form vun enger zousätzlecher

Präisdeierecht um Wunnengsmaart nidderschloe wäerten?

7. Wéi schätzt d'Regierung allgemeng d'Auswierkunge vun der Coronakris, an den domat verbonnene Mesuren, op de Wunnengsmaart zu Lëtzebuerg an?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député